

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2022


Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81 vum Chamberreglement) un den Här Wirtschafts- an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den Här Minister François Bausch huet haut de mueren an der RTL-Emissioun „Dir hutt d'Wuert“ op e puer Sujete geäntwert. Ech wëll mech hei konzentréieren op seng Remarken, wat déi däitsch Subventiounen vum Bensinns- (-35 %) an Dieselpräis (- 16 %) ugeet. Hie sot sënngemeiss, datt d'Lëtzebuenger Subventiounen duerginn an och den 31. Juli auslafen. Dozou hätt ech dës Froen:

1. Wat sinn d'Previsiounen vun der Lëtzebuenger Regierung iwwert d'Auswierkungen, vun deem, wat an Däitschland „Tankrabatt“ genannt gëtt. Fält domat den däitsche Bensinnspräis ënnert de Lëtzebuenger Präis un der Pompel?
2. Wat sinn an deem Fall d'Konsequenze fir Lëtzebuerg? Wéi vill Mannereinnamen u Steieren aus dem Verkaf vu Bensinn an Diesel muss Lëtzebuerg arechnen, wann déi däitsch an eventuell och Lëtzebuenger, franséisch a belsch Clienten un däitsche Pompelen tanken?
3. Tanktourismus schéngt nëmmen zu Lëtzebuerg negativ gekuckt ze ginn. Ass Tanktourismus e Problem oder ass et eng wëllkomm Steiereinnam an Zäiten, wou d'Sue knapp sinn. Wat mécht Lëtzebuerg fir säi Steiervirdeel bäizebehalen an déi Einnamen ze sécheren?
4. Wat ka Lëtzebuerg fir d'Kompetitivitéit vu sengem Logistik-Secteur maachen, deen net nëmme géint déi steierlech Subventiounen um Diesel (fir professionell Transporteuren) an der Belsch ze kämpfen huet, mee elo och mat méi engem middregen Präis an Däitschland?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten